

D' Louise wöllt sech bestueden.

Komme' di an engem Akt arr.v.M.R.

Persone:

Louise Ro'sabläd, 38 Jahr.
Ugeni Uewépsif, hir Schwöster, 28 Jahr
Loni, hirt Dengschméchen (zum Schluss den Isidor)
Suzette, Fröndin vum Loni
Mme. Hammel
Joffer Madeleine, Modistin, 20 Jahr,
Joffer Johanna, Ne'esch, 19 Jahr.

Zeit: Gegenwart - Széerie: E bessert Zömmmer.

D' Louise muss e we'neg iwerdriwen spillen. D' Loni muss an der lèschter Szén, wann et als Isidor könt, eso' verklädt sin, datt mat engem Gröff alles fällt, a vum Isidor keng Spur me' bleiwt. Beim Tudlen nömmen de' Bustawen unhälen de' ausernén geschriwen sin, de' äner Bustawen a Wirder misse flott kommen, we' wann de' t fërten e ke'm net un d'Enn.
Ob den Hutt, an der zwéter Szén muss och opgepasst gin, datt hién och wirklech sein Dengscht mecht.

1. Szén. Loni eleng

Loni: (get ongedöleg op an of) Schon halwer eng an d' Joffer Louise ass nach net do fir ze Mötteg ze iessen. An derno wann se kent huet se rem hir gro'ss Maul op fir alles ze kritize'eren (äft se nô) Loni d' iessen ass ugebrannt.... kann én et absolut net iessen..... mengt én d' Salz ge'f neicht kaschten (rem am gewe'nlechen To'n) 't kann én sech denken wo' se sech nämöl ophält. 't war jo eng Hochzeit nés haut de Muergen. Do stong se secher nés virun der Dir d' Leit unzeäfen. Wann se he'ert datt eng Hochzeit soll sin da kann schon 3 Dég virdrun neicht me' iessen. Fir eng Hochzeit ze gesin ge'f se lo km weit läfen. Ech kann et émol verstoen eso' en ält Wieder vun 38 Joer..... An sie ass nájulo's, sie wöllt sech nämlech och nach bestueden (lacht) dé wo' de' wöllt muss awer Grengs gelöschten. Ech wöll se jo nat'ärof machen, awer, wann sie de' 7 toll Minuten huet da'geng ech munchmol gär do eraus wo'ké Luch ass. D' Joffer Louise an ech mir hun dann ent wann eso' Diskussio'nen, sie kann da Schniéwal net hâlen, ech awer och net.---- Virgeschuet se mach warden gelöss bis 1 Auer, ech hun dés Warden elo bäl genug, ech stellen elo eng Konditio'n: Entweder kent d' Joffer Louise em 12 Auer hém, oder ech gin (t'klüppt, d' Loni mcht op)

2. Szén. Loni, Madeleine.

Madeleine: (kent mat enger gro'sser Huttkescht eran) Bonjour!

Loni: Bonjour Joffer!

Madeleine: Ech sin dach hei bei der Joffer Ro'sabläd?

Loni: Jo jo.

Madeleine: D' Madame Lang scheckt mech mat dem Hutt hei.

Loni: Huet se sech schon erem en neien Hutt kaft?

Madeleine: Awer secher. A wât fir én! E wonnerbaren Hutt, ausgetert nôm goët vun der Joffer Louise. Eso' wöllt se a soss kén. Also, Modell 1836, violetten Hutt mat gielen a grenge Bendeleronderom e Kranz vu Kischtenäscht mat Viggel vun alle Färdede' dru' sin d' Kischten ze plecken.

Loni: (ironesch) Dé muss jo prachtvoll sin, weist mer en emol. Meng Madame werd jo dach net grad kommen.

Madeleine: (mecht d' Kescht op, sie lachen allenzwé) E Méschterwierk! Watt war dât e Liewen am Atelier. D' Louise ass vum engem Spiggel an dén äniere gehupst an huet zu menger Ma' gesöt: Söt mir emol ganz oprichtig, hun ech ké Verständig fir eso' Sâchen? Dén Hutt passt émol ze gutt zo' mengem Gesicht. Awer mengt dir e wier genug garne'ert?

Loni: Soll en nach net genug garne'ert sin! Dir hätt hir sollen eng Hâm oder en Hampelmann drop machen.

Madeleine: Meng Fröndin huet gesôt: Jo, jo, Mme. den Hutt pass op ère Kapp we' eng Fauscht op en A. Eis Madame huet eso' gelâcht datt sie huet missen aus goen.

Moni: Huet se dann net gesin datt dir de Spunni mat hir gemacht huet?

Madel: Nén, vun e lauter Fréd huet sie net me' gewosst wât sie me'ch. ...Also, we' gesôt mir hun eis bâl krank gelâcht. D'Meli huet zum Georgette gesot: Mir missten och eng Katz dropmachen fir d' Vullen ze fânken... Du huet et ere'scht e Gelächter gin, datt mir all hu missen ugoen.

Loni: An sie huet nach ömmer neischt gemierkt?

Madeleine: Wann ech iéich et dach soen. De' därf sech mat dem Hutt net op der Strösse weisen, soss gét den e'schten Hengerde'f op sie nidder fir d'Viggel ze fânken.... Awer ho'frech muss d'Joffer dach sin?

Loni: A we'?! Wösst dir datt sie sech nach gär ge'f bestueden? Sie ass jo och gur net âl!... nömnen 38 Jahr. (Madel lâcht hart) Dir musst net lâchen, 't ass éscht!

Madel: Wann ech an den Atelier kommen, da froen ech emol meng Fröndinnen, ob sie ké Freier kennen fir de' arm Joffer Louise. (stellt d'Huttkösch op dem Dösch): Do ass dé sche'nen Hutt. Ech muss elo goen.... Löst mir awer nömnen d'Viggel net fortfle'en.-Au revoir!

3. Szén Loni, Suzette

Loni: Ass dat net fir ze kreischen, wann én eso' ausgelâcht get we meng Madam?...mä 't brauch én sech awer och gur net ze wonneren, sie stellt sech jo och eso' drun! (kuckt op d'Auer) Herrjeh, schon eng Auer!...Elo gin ech iéssen.- Wént menger: kann sie derno d' Schanken öflecken. - Wer nicht kommt zur rechten Zeit, der.... ('t klappt, - mecht op)

Suzette: Bonjour Loni, we' gét et?

Loni: Dat ass sche'n Suzette, datts du mech emol besiche könnst.

Suzette: Ech hun de Mötte frei, du hun ech geduecht, du gés emol kucken wât d'Loni mecht.

Loni: Dat ass ganz sche'n vun dir Suzette.- We' gefällt et dir o'm Bureau?

Suzette: 't gét eso'. - 't huet é jo iwerall eppes aussetzen. Gefällt et dir dann och besser we' de' lèschte Ke'er we' ech hei war?

Loni: Mönch, ech hun haut emol nach net, z'mötteg giéss...

Suzette: A fir wât dann net?

Loni: Mä de' âl Schachtel ass nat net hém kom! Wéste, de' solls de emol kenne le'eren, meng Madame - ech soen einfach Madame, wann sie och nach eng Joffer ass, vun 38 Jahr. De' huet ganz besonnesch Egeschaffen - 't brauch én nömnen hir Kléder ze betreuchten. Elo grad huet d'Modistin en meien Hutt bruecht. Do an der Kescht ass en. 't sin eso' gur Viggel drop, als Verzierung.

Suzette: Watts de net sés!

Loni: Wann et mir net wär wént dem Krakélen, da wär ech scho lang fort.... Wéste, hir kann ech d'Maul unhänken we' ech wöll, bei enger ânerer könnt ech dat jo net mâchen.

Suzette: Deng Méschtesch ge'f ech dach emol gär gesin.

Loni: Wie stét virun der Krichdir, bei all Hochzeit, fir d'Bräutleit ze beäfen? mei Louise! Eso' en âlt Döppen, wöllt sech och nach bestueden! Sie sét hommertmol fir emol: sie könnt net verstoen datt ké Mänsmönch sie bestuede wöllt.

Suzette: Sie ass jo och nach gur net eso' âl!

Loni: Mä nén, sie kritt der jo den nächsten 1. Abröl nömnen 39 !

Suzette (ironesch): Maju, a wurfir soll de' arm Joffer sech dann och net nach bestuede können! - awer he'ers de, dreiwst alt ké Schabernak mat hir?

Loni: Sie gléwt alles wât én hir sét.- Späss verstét se jo kén. Ech ge'f se jo munechmol ger op den Iésel setzen, awer du wés jo, ech muss ömmer direkt lâchen. Du ge'fs dat bestömmt besser fêrdeg brengen.

Suzette: 't könnt é jo emol probe'eren. - Wann ech mech emol ge'f verkleiden?

Loni: We' gesôt, du ge'fs et bestömmt fêrdeg brengen.

Suzette: Weil sie sech jo eso' gär ge'f bestueden, könnt ech mech jo als Heiratsvermittler virstellen? - Awer wo' huele mir d'Kléder hir?

Loni: Wât soll dat sin. Du bass dach eso' gutt Frönd mat Knappe Finn, dat le'nt dir schon d'Kléder vun hirem Te'd.

Suzette: Mä du hues nawell recht. Mä soll ech da wirklech den Heiratsvermittler marke'eren?

Loni (bedenkt sech): Ah, lauschter, sie huet eso'eng onhémlech
Ängscht virun der Polizei, wa mir nömmen Polizcikleder hätten!!
Suzette: Dät ass dach neischt, da marke'eren och eben de Chef vun
der Gehimpolizei, de' könnt ömmer an zivil. - Dé Späss muss
gutt gin, ech gi mech elo gleich bei d'Finn ungonen.
Loni (während Suzette ofgét): Also Suzette, mach dei Béscht! (fir
sech) Dät kann eppes gin! Dät ass secher, wann d'Suzette eso'
eppes mecht dät sötzt. An ech werd't de' Ke'er mei Pefferkär och
derbei gin.

4. Szén Loni, Louise

Loni: Ech mengen haut wir fir mech gro'sse Bet-und Busstag. Ewell
ass et schon iwer eng Auer, an de' Al Wiederhex ass nach net h.i.
(Louise könnt eragestimt, eso' lächerlech ewe' me'glech geklér)
Louise: Loni, Loni, we' vill Auer ass et? Ass d'Zopp möll?
Loni: Ech warde schon eng geschloe Stonn op iéch!
Louise: Ech hun eng Hochzeit gekuckt.
Loni (fir sech): Hun ech et net gesöt? We' kann én nömmen!
Louise: Wät mengt der?
Loni: Sie werd't dach net zo'gin datt ech all Däg eso' läng warde
muss.

Louise: D'Mänsleit sin elauter domm Simpelen, Sie sin ganz verbléndt
wann sie sech eng Frä sichen.

Loni: Vun haut un iéssen ech em 12 Auer, da kann sie soen wät sie
wöllt.

Louise (fir sech): Haut de murgén hun ech et erém gesin datt d'
Mänsleit iwerhapt ké Goût hun. Do Bräitche Mann, e ganz schiken
Typ an hatt eng richtig Missgeburt, on éklecht Döppen vu Kapp
bis zo' Fo'ss (macht de Gest verke'ert)

Loni: Wann se mir net erlabt virun hir z'iéssen, da gin ech fort a
kommen net me' erém. Verstänen?

Louise: Wann ech gesin, we' all domm Gäns e Mann kritt, da gin ech
ganz jalo'ss.

Loni: 't ass jo schiëcklech we' de' mat den Dengschtleit engét. Awer
dät leiden ech net me'. Ech könnt jo vun Honger stirwen... an
ge'f emol net no mir kucken....

Louise: Nén, de' domm Mansleit. - Sie sin dach all verreckt!

Loni: Ech wöll hun datt mir em 12 Auer Mötteg iéssen an net em eng'
Louise (bekuckt sech, an hupst am Zömmen eröm): An 't félt dach net
u sche'ne Fraleit!

Loni: Elo soen ech awer neischt me', wann ech do't sin! - Eng scho'
a le'flech Perso'n!! Sie wär gutt fir d'Huese fërten ze dongen.
oder fir op e Kischtebâm, fir d'Kärmöschchen ze verdreiwen.

Louise (könn erém zo' sech): Lauschtert Loni, dir stitt elo a reisst
d'Maul op, an d'iéssen ass natirlech net gericht! - Dät kann ech
bäl net me' verdroen. 't muss én ömmer op iéch warden!

Loni: Wät söt dir do? Wart, dir op mech? (fir sech, weist op de Kapp)
Ech mengen do stömmt et net me' ganz. Do möcht é jo op engem
Schwein fortreiden, wann én och ké Schwanz am Stall huet.

Louise (gesit d'Huttkösch): Tiens, d'Modistin huet mein Hutt bruecht
ech wöll'en emol se'er opsetzen.

Loni (fir sech) Wät? Vir um iéssen nach de Monte-Carlohutt probe'ere
Nén, niemöls. Ech gin dach kén Dabo! (gét lenks of)

Louise (De' d'Loni net gemirkt huet fortgoen): Dé kostbaren Hutt
do an der Kösch ass e Kenschwirk vun Eleganz an Einfachhét.
Ké Mönch huet eso'en Hutt mat Viggel drop. D'Männer si vill ze
domm, sie wössen d'Intelligenz nun der Perso'n net ze schätzen,
de'dén Hutt erfondt huet. - Awer Loni, we'ni kann ech mech dann
emol endlech un den Lösch sätzen. - Wann ech e Mann wir, da ge'f
ech mat engem énzoge Bleck de' Perso'n fannen, de' gère ge'f mat
mir Fréd a Léd délen. - Loni, wöllt dir da bäl serve'eren? -
Wann ech e Mann wir, kén Anert wa' d'Louise Ro'seblád de't ech
wiélen. Ech ge'f et ubiéden. D'Louise ge'f mach durch seng
Sche'nhet a Verzackong brengen...

5. Szén, Louise, Ugeni

Ugeni (könn't erän, huet natirlech geklappt, d'Louise huet net he'er
Bonjour, Louise. Ech wöllt e mol e we'nag zur Uechte kommen.

Louise: Dät ass awer sche'n vun dir Ugeni, dass de mach besiche könn
Du bass ewell bestuedt.... dät muss dach sche'n sin....

Ugeni: Awer secher ass et sche'n...

Louise: Ech kann nach ömmer net verstoen, wa' de Georges dech könnt
huélen, wo' en dach d'Wiél hât töschend eis 2.

Ugeni: Dät ass dach ganz einfach, ech hun dir et schon loo mol, hi'
hât mech ebe le'wer we' dech.

Louise: Ech sin dach deng elst Schwöster, wann hién e we'neg Anstand gehát hátt, dann hátt hié mech bestuedt. Meng Gestalt, máí Benehmen, mei Schick a meng Kléder, kurz all meng Qualite'ten de'ten dach lánge datt, den e Pur d'Fangen ge'fen öfleckén bis un d'lelebe.

Ugeni: Awer secher, Ech hu mei Georges nie am grengsten ze beeinflusse gesicht. Du awer, bass om e gflunn we' e Paiperkeck.

Louise: Wat d'Mánsleit dach munechmol fir Iddien hun, 't ass net ze verstoén.

Ugeni (lâcht): Louise, du bass öppen dât sêlwegt. Jidderén huet seng Iddien, de Georges och.

Louise: Má ech ge'f dach eng gutt Frâ gin, dât muss du dach och soen, awer kén vun dénen Blenden huet mech verstånen. Kengem ass et agefall, em meng Hand ze froen. Bâl all. Dâg sin Hochzeiten. E Samschdeg hun ech eng gesin an haut erem, --- ömmer huelen se ánerer, mech lóssen se sätzen.

Ugeni: Ech mengen 't wir och e we'neg dei Fehler.

Louise (traureg): Mei Fehler? Wo' ech dach all gutt Egenscháften hun...

Ugeni: Nömmen net verzweiwelen. D'Gleck kónt munechmol iwer Nuecht.

Louise: Mengs de? Brauch ech d'Hoffnung nach net opzegin? Du wés dach we' ál ech sin. - Ech schengen der jo wuel ere'scht 25 ze hun - wann et der och geschwónn schon 39 sin. - 't ass wo'er, ech sin e weg jonk. - Awer ech kre'en dach lues ewe'neg Angscht. D'Zeit verze't mei sche'nt Gesicht, meng Hóhr fánken och schon un weiss ze gin.

Ugeni: Courage Louise! Weis Hóhr si kén Hónnernes fir e glecklecht Bestiédnes. 't get ál Männer de' sech bestueden, sie hun ömmer gewart weil sie sech net gtraut hun hir Le'ft ze gestoén. Vleicht ass dén, dén dach wóllt bestueden an dénselwegte Fall (Lauschtert plötzlech) Wát war dât? Mir werdten dach ké Wiáder kre'en! 't h huet elo grad gedonnert.

Louise: Nén, 't huet net gedonnert, 't war mei Mô, dé geknurr't huet. Ech hu gur net me' un d'Möttegiéssé geduscht. (riff) Loni, Loni, wo' bass de? Ech hun et dach net gesin ausgoen!

6 Szén, Vireg, Loni

Loni: Hei sin ech, wurfir bróllt dir dann eso'?

Louise: Dârf ech haut net z'Möttegiésssten?

Loni: Z'Möttegiéssen?

Louise: Awer secher, Möttegiéssen! 't mengt én dir wirt vum Himmel gefall...

Loni: Ech hu schon opgeraumt. Em 7 uer iéssé mir z'Nuecht...

Louise: Wát eng Frechhét!... Le'er ech z'Nuecht iéssen wóll ech emol z'Möttegiéssen.

Ugeni (fir sech): Ass dât eng Ordnong, an d'Louise wóllt sech nach bestueden... dem ge'f ech e Mann wónschen we' mei Georges..

Loni: Mengt dir ech kónt net liéweh o'ni ért Gegrommels?

Louise (be'ss): Ugeni, he'erst de dât frecht Döppen? Grommelen och dann?

Loni: Mengt dir, ech kónt vun der Loft liéwen? Ech war hongerech, du hun ech abe giéss. - 't ass net will iwreg bliwen.

Louise: Ech froe mech, wién ass hei Méschtesch?

Loni: Dir braucht net eso' ze bróllen, ech sin net dâf. De Rescht hun ech op de Kátzenteller gemácht, d'Kátz huet et wá awer nech net gefriéss, ech kann iéch et nach brengen. (gét aus)

Louise (ömmen me' rósen): Ugeni, hues' de he'eren? Dât frecht Steck Miwel! 't wóllt mir d'Reschter serve'eren vum Katzenteller. --- Komm, dann ósst de mat z'mötteg.

Ugeni: 't ass glecklecher weis scho geschitt. 't ass gutt datt ech net op dei Menu ugewise sin.

Louise: Du gés awer dach mat mir aus? Du káhn mir beim Iéssen e we'neg Gesellscháft léschten.

Louise: Awer secher, wurfir och net!

Loni (kent erem eran): D'Kátz wóllt grad drúgoen! Ech sin nach grad zur Zeit komm fir et op dén Dósch ze setzen. Dir kónt iéssé goen.

Louise: Loni, mácht nömmen eso' virun mat érer frécher Maul. Fir den e'schten kónt dir ére Pák máchen. Komm Ugeni!

7: Szén Loni, dann Suzette (verklédt)

Loni: Jo, ech sin et gewint. Zunter 2 Johr wóllt sie mech all Mo'nt lo Mol fortschécken, awer, wann d'Joffer Louise mech net hátt, da ge'f sie dâf gin, a mir ge'f et och schwé'er fálen sie ze verle'eren. (Suzette kónt eran, verklédt, Box, Frack, lange Paradeéssus, Hutt Col, Cravatte, Bróll, eng Mapp, Résbengel, Schnurbárt)

Loni: Nén, we' hun se d ech vermoschtert!

Suzette: Lauschter Loni, du darfst awer elo och net lächen wann ech dir meng Roll mächen.

Loni: Keng Angscht, ech gin an d'Kichen, w:hrend dat Drama sech öf-spillt.

Suzette: Du Loni, soll d' Louise neischt an Uecht huelen datt ech ké Mann sin. Mein Tupi könnt mech verroden.

Loni: Wo' denks du hin. Dat mirkt d' Louise net. Wann dat eng lang Box gesäit dann ass et eweg, well 't ass jo domm we' e Fass. An iwerhapt, wanns du den Hutt öfdes, da stells du dech eso' datt et dech net vun hanne gesit.

Suzette: Da kann et elo lassgoen, ruff deng Méschtesch! (Loni of)
8. Szén, Ugeni, Suzette

Suzette: Hoffentleech fälen ech elo nat aus der Roll. Wann se mech nömmen net un der Stöam erkennt. (D' Ugeni könnt eran, d' Suzette déit den Hutt of)

Ugeni (erstaunt): A wät ass dann ewell?

Suzette (mat de'wer Stömm): Guten Tag mein Fräulein, ich habe die Ehre mich Ihnen vorzustellen (Knix) Heiratsvermittler, Franz Ochsenfeld.

Ugeni: Bonjour Här Ochsenfeld. Den Hr. Ochsenfeld ge'f secher gär mat der Joffer Louise Ro' seblädt schwätzen?

Suzette: Gewiss mein Frl.

Ugeni: Hr. Ochsenfeld, d' Joffer Ro' seblädt dat ass megg Schwöster, Ech sin d' Mme. Ugeni Uewepeif. Ech gin meng Schwöster ruffen, én Ableck. (Of)

9. Szén, Vireg. Louise

Suzette (déit den Hutt erem op): Herrschaft, wät hun ech elo erem eng gemacht. Ech sollt dach de Chef vun der Heheimpolizei marke'eren. We' soll ech mech do erem erausschwindelen.
(Louise an Ugeni kommen eran)

Louise (ganz fro'): Ah bonjour, herzlich wölkömm Hr. Heiratsvermittler!

Suzette: Ich bin nicht der Heiratsvermittler Ochsenfeld..

Louise: Meng Schwöster huet dach gesöt.

Ugeni: Ma hién huet et jo selwer gesot.

Suzette: Ja, ich hab es gesagt... aber es ist ein Irrtum, ... äch will ihnen die Sache auseinander setzen. Ich.... ich ... habe den Namen angegeben damit sie nicht zuvile erschrecken sollen. Ich bin nämlich der Chef von der Geheimpolizei..

Louise (le'st sech op e Stull fälen): Jeses, Maria, Jo' sebeth!

Ugeni: 't werdt hm dach net schlecht gin. (zum Suzette) Könt dir nur hochditsch?

Suzette: Oh nei, äch bin e geborener Oeslinger, von Oberbesslingen, da Sie meinen Dialekt doch nicht verstehen würden, will ich lieber hochdeutsch sprechen. Sie verstehen es ja wohl, ja?

Louise (wenkt) jo!

Suzette: Ich muss eine Haussuchung bei Ihnen vornehmen. Es scheint dass es in letzter Zeit in Ihrem Hause verdächtig zugeht.

Louise (stét erem op, schwätzt ganz schlecht He'deutsch): O Herr, sehr geehrter, geheimer Polizeichef, macht dach neischt eso', mir sin ganz unschuldige Leit.

Suzette: Sogar alle Schriften u. Brief müssen durchsucht werden; Können sie auch schreiben?

Louise: Herr geehrter geheimer Chef der Polizei, ech mächen alt 3 Kreizer wann ech önnerschreiwén. Mein Schwester kann awer ein bisschen liésen a schreiwén.

Suzette: Dann wird ihre Korrespondenz wohl nicht bedeutend sein. Wieviele Zimmer hat ihr Haus?

Louise: Ein Kichen, en Dachzimmer, ein Keller, 2 Schlöfzimmer, und dies dies Zimmer hei, sehr geheimer Herr Chef.

Ugeni: An en Hondsheisschen, Här Geheimrat.

Suzette (zum Louise): Das ist doch ihre Schwester? (Louise wenkt)
(zum Ugeni): Sie sollen auch in die Geschichte verwickelt sein. Wie ist ihr Name?

Ugeni: O jerom. Ich sin ganz unschuldig.

Suzette (grob): Ob's sie unschuldig sin oder nicht, Ihren Namen will ich wissen, wie heißen Sie?

Ugeni: Ech hun iéch et schon einmal gesagt: Ugeni Uewepeif.

Suzette (zum Ugeni): Stellen sie sich doch nicht so. (z. Louise)
Also, ich will mal mit Ihnen herumgähén.

Louise: Wo wöllt dir herumgehen, sehr geehrter, geheimer Polizei-
chef?

Suzette: Führen sie mich in alle Zimmer. Mal los! Oeffnen sie diese

(d'Louisé mecht op a wöllt de Pölizist virgoe lössen)
 Suzette: Gehen Sie vor!
 Louise: Né geht Ihr fir d'e'scht Här Chef.
 Suzette: (grob) Ich sage Ihnen, schnell vor. (d'Louisé gét vir, de Geheimpölizist no)

10. Szén. - Ugenie, Mme Hammel.
 Ugenie: Dat soll neicht sin. Ech, dat dach eso' onschölleg ass, we' en neigeburent Fierkel, ech soll an eng schwe'er Geschicht verweckelt sin. Wann dat de Georges wösse ge'f. (d'klappt)

Hammel: (könnt eran) Bonjour Madame! Ech ge'f mech gâr iwer eppes erkundigen.

Ugenie: Wat soll dat sin?
 Hammel: Wunt hei net eng Joffer de' haut de Murgen de Hochzeit nôgekuckt huet.

Ugenie: Dach, dat stömmt, dat war meng Schwester.
 Hammel: Ass er Schwester net do?

Ugenie: Sie huët grad Besuch. - Sie kent gleich erem. - Könnt dir net soen em wât et sech handelt, ech ge'f hir et dann derno soen.

Hammel: Eise Jong scheckt mech. (Ugenie platt)
 Ugenie: Ere Jong schoëkt iech?

Hammel: Jo, en huet haut de Murgen d'Hochzeitsleit bei der Kirch ofgeholl.

Ugenie: Mat der Kutsch?
 Hammel: Jo, hien fe'ert ämmer d'Luxuswén fir d'Hochzeiten. Sei Patron ass ganz zefridde mat him.

Ugenie: Awer Madame, ech wés nach ömmer net firwât der komm sid. Huet ere Jong iech heihinne gescheckt fir eis dat ze verzielen?

Hammel: En huet ewall e pûr Mól enner de Leit de' ömmer der Hochzeit nôkucken eso' e nett, sche'nt Médchen gesin.

Ugenie: Awer ech bieden iech, schwätzt virun.
 Hammel: Haut huet hien gleich nogefrôt wo' de' sche'n Joffer ge'f wunnen.

Ugenie: An du?
 Hammel: Mâ da' sche' Joffer wunnt hei.
 Ugenie: Dir musst iech wahrscheinlich iren.

Hammel: nén, nén, et muss er Schwester sin.
 Ugenie: Meng Schwester huët wuel d'Hochzeit nogekuckt - awer ech kann et nach ömmer net verstoen (get der Hammel e Stull) Madame, setzt iech e bössen, dir huët grad eso' vill dovun we' vum Stoen.

Hammel: (setzt sech) Eisen Tedor huët mer gesôt: Mamm ge' dach emol froen, op de' Joffer sech wöllt bestueden?

Ugenie: (sprengt op) Wât - Ere Jong wöllt sech mat menger Schwester bestueden.

Hammel: Dir fand dat vleicht e beschen drôleg - e sche'ne Kerel, anständig.....

Ugenie: (setzt sech a fällt der äner an d'Ried) We' âl ass eren Här Jong?

Hammel: Madame en ass ere'scht 23 Joer âl, awer hien ass me' éscht we' e Mann vu 40.

Ugenie: Ech zweiwelen net drun, awer ech fannen et dach e böschen kömesch.

Hammel: Madame, verzeiht eise Tedor seng Frechhét, awer en huët mer gesôt datt hien sech nie mat engem äner Médchen wöllt bestueden.

Ugenie: (stét op) Onme'glech. Hien huët halt sei Kapp.
 Hammel: Awer secher. Hien huët e güdde Kapp. Durfir huët hien och eso' eng sche'n Positio'n. (stét op) Madame, könnt dir mer versecheren datt er Schwester nach net versprach ass? Ka mei Jong Hoffnong hun?

Ugenie: Madame, meng Schwester ass nach net eso' weit, ech muss hir et emol soen. Sie le'ssst ganz secher de' Gelééhét net erlanscht goen.

Hammel: We' werd mein Tedor fro' sin. - Merci Madame, ech kommen nô e pûr Minuten erem, fir d'aentwert vun erer jonger Schwester selwer ze krö'en.

Ugenie: Jo, während dér Zeit wöll ech meng Schwester drop virbereden. Ech gléwen datt eppes aus der Süch get.

Hammel: Oh we' sin ech esô' glectlech. - Sôt der Joffer.... we' héscht dann eigentlech er Schwester?

Ugenie: Louise Ro'sebläd.

Hammel: Also sôt der Joffer Louise, datt se o'ni Dott mei Jong da
an durch'glicklach mecht. - Nach eng Ke'er villmôls Merci.
Ugenie: (fe'ert se bei d'Dir) Wo' hêscht ere Jong da wanneggeliff't.
Hammel: En hêscht Têdor Hammel -- Theodor Hammel. (of)

11. Szén.

Ugenie, Louise, Suzette.
Ugenie: Dât Onne'glochst ka passe'eren. - Ass dât me'glech, e jonge
Mann'vun 23 Joer well sech mat eiseu Louise bestueden. A we'
d'Madame Hammel gesôt wôllt hien se net we'nt dem Geld, sie
sê't hie'wîer bezaubert vun dem Reiz dé vun hirer Perso'n aus-
geht. - Dât ass ké Blannen, dé geseit hell, dé mengt meng Schwes-
ter wâr e jonge Mêdchen, hien huet net gesin datt se der schons
38 un Pelz huet. - Watt werd d' Louise eng Frêd hun. - Awer
ewell'kênt dén Ekel vu Polizeichef erem, dé Spillverdierwer.
Wât soll en nômmen sichen? Ech wês neicht wurfir meng Schwester
kônnt strôfbar sin - an dann ech ere'scht. - Do kommen se
schon. (d' Louise kent fir d'e'scht dann de Polizeichef.)
Suzette: Also ich habe nichts entdeckt wodurch sie gefehlt hâtten.
Louise: Gott sei Dank sehr geehrter gemeiner, nê'n, geheimer Herr
Polizeichef. Wie bin ich eso fro'...
Suzette: Reden wir nicht mehr davon. - Frâulein, Sie sind noch ledig?
Louise: Leider, sehr geehrter Polizei geheimster Chef.
Suzette: Leider? - Wâren Sie gerne verheiratet?
Louise: (nickt) Ja.

Suzette: Ich habe noch einen ledigen Bruder der vielleicht mit
Ihnen eine Bekanntschaft anknüpfen möchte wenn ich ihm von
Ihrem reizenden Aegseren erzâhlen wûrde.

Louise: (strahlend) Oh Herr Polizei....

Suzette: Ich kann mich jetzt nicht mehr länger aufhalten (gét bei
Dir)

Louise: Hâr Polizeimeschter, dir huet jo lang Hoer!

Suzette: (kent erem) Ja, ja, ja. - wissen Sie Frâulein das ist
der Winterpelz.

Ugenie: En huet jo en Tuppi.

Suzette: (fir sech) Do solls de jo grô gin - ich - ich - ich will
Ihnen zu wissen tun zu welchem Zweck ich das Haar so lang
trage. - Sie - sie - Sie wissen doch dass sich die Dâmen di
Haare schneiden lassen - ich lasse jetzt zum Protest meine
Haare wachsen und meinem Beispiel sollten alle Männer folgen
Und nun leben Sie wohl! (riechts of)

Louise an Ugenie: Aeddi Hâr Chef!

Louise: Well wâr et awer Zeit datt ech ze Môtteg iesse ge'f.

12. Szén. Ugenie Louise.

Ugenie: Dât ass awer komesch. + Dre't de Gendarm ewell en Tupi?
(lâcht) Dât muss ech mengem Mann erzielen. - (fiht sech un d'
Stir): Oh jê, elo kônnt d'Mme Hammel jo bâl erem, a mat dem
domme Gendarm hun'ech jo ganz vergiess menger Schwôster vun
dervun ze schwâtzen. (gét bei d'lenks Dir a riff't): Louise, -
Louise komm emol se'er heihin.

Louise (kônt eragelaf, huet eng Serviett em den Hals) Hei sin ech,
ass Feier am Dâch?

Ugenie: Nê'n net am Dâch mâ am Hêrz vun engem Jong!

Louise: Du Efalt, dâ schwâtzt dâch, datt én dech verstét!

Ugenie: 't huet elo grad én em deng Hand ugehâlen!!!

Louise: Mit get et schlecht! (fâllt op e Stull) Ech warden ewell
schon eso'lâng op dén dé mech ze schâtze wês. (stét op) End-
lech emol e jonge Mann dén net blann ass.

Ugenie: Jo, Louise, 't ass e Jong, dén nie en ânert zur Frâ wôllt
hun we' dech.

Louise: Ugenie, Ugenie! Mein Hêrz wôllt aus der Broscht!!

Ugenie: Elo mâch nômmen keng Sâchen. Schlo der le'wer en Nôl dran

Louise: War dé jonge Môngsch selwer hei? - Hues du e gesin?

Ugenie: wurfir hues du mech net geruff? - ech hât lo Jahr
vu mengem Liêwe gin, wann ech en nômmen én Ablék durch d'
Schlössellach gesin hât.

Ugenie: 't wâr seng Mann de' froe komm ass.

Louise (geheit sech an d'Broscht): Ugenie, glêws de datt dé Mann
würdeg ass sech mat mir ze bestueden?

Ugenie: En huet all gutt Qualite'ten.

Louise (mat Ho'fert): 't ka jo och gur net ânescht sin. - We'hêsch
en dann?

Ugenie: Têdor Hammel hêscht en.

Louise: Dann hêschen ech emol eng Ke'er Louise Hammel. Louise

Tedor.- We' de' zwe'n Nimm' eso' gutt beienén passen. Tedor-Louise.... Awer so emol Ugeni, wo' huet e mech da gesin, mein Tedor?

Ugeni: En huet dech ewel eso' dax virun der Kirchdir gesin, wanns de d'Hochzeiten gekuckt hues.- An haut de Murgen huet hién senger Mamm d'Commissi'e'n gin, fir bei dir unzefroen.

Louise: Ah jo, haut de Murgen hát ech och mei ro'den Hutt op. Ass den Tedor dann och bei den Hochzeiten?

Ugeni: 't ass sein Handwirk, bei den Hochzeiten ze sin, Hié fe'ert d'Hochzeitsleit mat senger Kutsch.

Louise: Ech verstinn, 't muss e sche'ne Mann sin, well fir Kutscher brauch én eng Perso'n de' eppes virstellt.

Ugeni: Du hues recht, Louise. - Awer, seng Mamm kann all Ableck eremkommen, fir deng Aentwert ze he'eren, - Hues du dir d'Säch iwerluegt?

Louise: Ewell hun ech mei Gleck an der Hand. An desem Ableck kann ech iwert meng Zukóhft beschle'ssen.

Ugeni: Du bedenks dech nach?

Louise: Nén, nén, awer ech ziddere ganz. Ugeni, ech biéden dech, bleiw bei mir datt ech Mutt hun. - Wát mengs de, soll ech net bei de Coiffeur goen, fir mir e Bábikapp schneiden ze lóssen?

Ugeni: Ech mengen, dech hun se!! Du hues dach élo keng Zeit.

Louise: Hólef mir se'er den Hutt opsetzen dén d'Modistin mir haut bruecht huet. (setzt den Hutt op) Sô Ugeni, ass dén Hutt net wonnerbar? E passt ausgezéchant zo' mengem Gesicht!!

Ugeni (lâcht): Wonnersche'n ass Brock darge'nt!! - Wann en dir gefällt dann ass et jo gutt, mir ge'f en net passen. - Awer lauschter, mách dach emol de' Serviett vum Hals.

Louise: Ah, 't ass jo wo'er (lét d'Serwiet op d'Seit) Donnerliéweg, élo ass mein neie Rack jo nach net fêrdeg...

Ugeni: Dát mecht neischt.

Louise: Awer Ugeni, 't ass e Prachtsteck, ganz durchsichtig, goldgiél a feierro't.- Schon 3 Wochen schafft d'Ne'esch drun.... d'Jeanne, meng Ne'esch sollt scho läng hei sin. - Awer 't muss én eng himmlesch Gedold hun mat dénen Ne'eschen.

Ugeni: Louise, du dés dé Rack op denger Hochzeit un, fir haut huet e jo dach ké Wert.

Louise (get ómmer me' löschteteg): Ugeni, sin ech dém Rack hei gutt genug, wann d'Mme. Hammel könnt?

Ugeni: Awer secher, du bass ganz gutt eso'!

Louise: Ech láfen nach se'er op mein Zómmer bei de Spigelscháf kucken ob et mir passt.

13. Szén, Ugenie, Jeanne

Ugenie: De' soll awer glecklech sin! - Sie hupst we' e Villohen! Ech wir dach och virwótzeg fir dén Tedor emol ze gesin. ('t Klappt, d'Jeanne, e sche'nt Médchen könnt eran)

Jeanne: Bonjour Madame!

Ugeni: Bonjour Joffer, wát wir iéch gefállegst?

Jeanne: Ech kommen der Joffer Louise hire Rack fêrdeg máchen.

Ugeni: Da sit dir secher d'Joffer Jeanne, d'Ne'esch vu menger Schwóster?

Jeanne (hólt den Hutt vum Kapp): Jo Madame.

Ugenie: Meng Schwóster huet iéch mat Schmirzen erwart.

Jeanne (sótzt sech a fánkt un ze schaffen) Ech fánken alt gleich un. De Rack könnt scho läng fêrdeg sin, awer sie huet mech 3 mol erem ufánke gemácht.

Ugeni: Fandt dir och datt meng Schwóster e we'neg égen ass?

Jeanne: E we'neg vill.... jo, jo, e we'neg ganz vill!..... De Rack v vun der Joffer Louise get haut ferdeg, ech hun nómmen nach d' ceinture drun ze bitzen.

Ugeni: Sie hátt en élo scho gár gehát, sie wóllt d'Mamm vun engem jonge Mann empfanke, dén sech gár ge'f mat hir bestueden.

Jeanne (Lâcht): Wá-a-á-t? Mengt dir d'Joffer Louise ge'f sech nach bestueden?

Ugeni: Jo... Fandt dir dát eso' aussergewe'hnlech?

Jeanne: Nén, dát net, awer 't ass mir élo eppes Neits. (verstoppt sech d'Gesicht mat dem Rack fir ze láchen)

14. Szén, Vireg, Hammel

Hammel (riéchts eran): Madam, ech kommen erem, (Gét bei d'Jeanne a get em d'Hand): Bonjour! Also, ass d'Aentwert gönschteteg?

Jeanne (baff): Madame, wát soll ech soen?

Hammel: Huet ér Schwóster iéch nach neischt gesót?

Jeanne: Dir irrt iéch Madame, Ech hu jo gur keng Schwóster!!

Ugeni (fir sefh): O jeh, Le'wer Gott... Armt Louise!!

Hammel: Nén, ech irrë mech net. Ech sto'ng ganz no bei der Dir mat mengem Jong, du sot hir mir. Geseis de Mamm, sie gét hém.

Jeanne: En huet sech trompe'ert: Hei sin ech net dohém, an ech kennen iwerhåpt ère Jong net. (Fir sech): Dât ass jo eng nett Geschicht!

Ugeni (fir sech): Oh, dât armt Louise!

Hämmel (zum Ugeni): Madame, huet dir d'e'nescht net verstanen datt et sech em dât jongt Médchen hei handelt?

Jeanne: 't könnt é bäl mengen sie wöllte mech mat dem Freier vun der Joffer Louise bestueden?

Ugeni (zur Hammel): No èren Aeusserongen war gur kén Zweiwel datt et sech em meng Schwöster handele ge'f.

Jeanne (stét op): Iwerhåpt, ech wöll mech net mat èrem Jong bestueden hién ass jo verschoss an d'Joffer Louise. -(fir sech): Dât muss mir och nach dé richtege sin, dén d'Joffer Louise als Frä wöllt hun.

Hammel (hoffnongslo's): Ah, mein armen Tedor!

Ugeni (zum Jeanne): Joffer, huet dir haut de Murgen och d'Hochzeit gekuckt?

Jeanne: Jo, Madame, ech muss jo op dem Lâfende sin mat den allerneiste Mo'den, wann ech mein Handwirk wöll richtig bedreiwen. Awer wurfir frôt dir mech dât?

Hammel: Dât ass et jo grad, Joffer.

Jeanne: Ewell verstinn ech d'Sâch. Dât war ère Jong, den Hochzeit gefe'ert huet?

Hammel: Jo, Joffer, dât war hién.

Jeanne: Virun der Kirch hât hié mech bäl mat der Geissel geroden, du huet hié mir seng Excuse gemacht.

Hammel: Dât wonnert mech net, well 't ass eso' en anständige Kèrel.

Ugeni (fir sech): Armt Louise, dé jongen Hammel ass verlur fir dâch!

Jeanne: An dât ass dé jonge Mann, dén sech wöllt mat der Joffer Louise bestueden?

Hammel: Nén, Joffer, verstitt dir dann net, datt hién iéch zur Frä wöllt hun.

Ugeni (fir sech): A meng Schwöster stét virum Spigelschâg!

Hammel: Joffer, ge'ft dir unhuelen, wa mei Jong iéch elo em ère Hand biéden de't?

Jeanne: Ech soen net nén, en tudelt wuel e we'neg, ère Jong, awer soss ass hién e gudde Kèrel.

Hammel: En huet nömme virun iéch getudelt, aus lauter Opregong, soss mecht en et net..... Also, sit dir decide'ert?

15. Szén Vireg, Louise

(Louise könt eran, ganz almo'desch geklédt, mecht e Knix virun der Hammel)

Louise: Oh, lef Madame, verzeit mer, datt ech iéch eso'lâng wardé gelöss hun. (zum Jeanne) Joffer Jeanne, gitt dir vleicht e we'neg kucken no'm Riéder, mir hun eppes Wichtiges ze bespriéchen, eppes ganz geheimes.

Jeanne: Ech gin, Joffer Louise (fir sech): Ech könnt jo ongefe'er wössen wât elo könnt (of)

Hammel (bekuckt d' Louise, dann fir sech): Dât wêrdt wuel d'Joffer Louise sin?

Ugeni (fir sech): Arm Schwöster, ech traue mech bäl net se op den Irtom opmierksam ze mâchen.

Louise (gét kucken ob d' Jeanne net hannert der Dir lauschttert, könnt dann lächlend zur Hammel): Madame, ech fille mech he'chgee'ert durch dén Heiratsantrag vun èrem Sonn, aus de'fstem Herz erlaber. ech èrem Jong....

Ugeni (riff): Louise, Louise hâl op... d'leit en Irtom vir!

Louise (ganz erschreckt): Wât wölls du Ugeni? Ass dât hei dann net d'Mme. Hammel.

Ugeni: Dach 't ass se!

Louise: A wât?

Ugeni (se'er): Mâ deng Ne'sch, d'Joffer Jeanne, huet haut de Murgen och d'Hochzeit gekuckt - an 't ass deng Ne'sch de' den Hr. Hammel gèr ge'f bestueden. (fir sech) Dén hätte mer!

Louise (fällt schluchsend an d'Fotel): Oh, ... ech war also gur net gemént?

Hammel: Ech wöll èrem goen. (während se ôfgét, zum Louise): Verzeit mer, ech bedauern iéch jo, awer mei Jong huet ere'scht 23 Jahr! (of)

Louise (stét op, reisst den Hutt vum Kapp, an all hire Schmock, geheit alles op de Buedem): Ah eso' ass et. --- Ewell gin ech op mein Zömmer, an ech wöll mech net me'bestueden. - He'ert dir et?... Ech kucke ké Mann me' un. (le'st sech èrem zreck fâlen and'Fotel)

Ugeni (raunt d'Sächen vum Bueden): 't wés én net wié ka kommen.

16. Szén, Louise, Ugeni, Loni (als Isidore)

Ugeni (während se d'Sächen ophiéwt klappt et): Entrez!

Isidor: (kent eran) E--e--xkuse'ert si- sin ech hei bei der Jo-Joff-fer Ro'-Ro'- Ro'seblåd?

Ugeni: Fir iech opzewarden Här. A wat wier iech gefällegst?

Isidor: M-m--m mein Num ass ass I-i-i-si-si-dor O-o-o-ochsenfeld, mei Br-br-r-r-ruder de G-g-g-geheim P-p-p-po-polizist huet mer.

Louise: (sprengt we' elektrise'ert op) Sid dir de Bruder vum Ge-häimpölizeich?

Isidor: D-d-d-dé sin ech, a-a-a mei Br-bruder hu-hu-huet mer eso' vill sch-sch-sche' Sächen verz-z-z-zzielt vum der Joffer Ro'-Ro'-Ro'-seblåd.

Louise: (önnerebrecht) Dât sin ech d'Joffer Ro'seblåd.

Isidor: T-t-t-fr-fr-frét mech er B-b-b-beka-ka-kantschaft ze machen.

Louise: D'Fréd ass ganz op menger Seit Här Ochsepelz (stommt Spill-töschent dénen zwé, liebäugeln, lues a lues me' no kommen)

Louise: (op d' Seit zum Ugenie) D'wier nawell kén eso' en iwelê Kerel, wann en net eso' ge'f tuddelen.

Ugeni: (dât ömmer op der Seit bleiwt, zum Louise) 't wêrd em goen we' dem Tédor, dé soll och getuddelt hun we' hie fir d'e'scht mat dem Jeanne geschwât huet.

Louise: Du hues nawell Recht, le'wer en Tuddeler we' kén. (den Dialogue töschent den 2 Schwesteren muss ziemlech op der Seit gefe'ert gin. Da gét d' Louise rem me' no bei den Isidor, mat eso' verle'fte Blecker we' nömme me' gleich)

Isidor: (ganz verléen) Jo-jo-jo-Joffer Lou-lou-lou-louise 't ass net gudd, w-w-w-wann de Mönch el-el-el-eleng ass....

Louise: (önnerebrecht) Nén Här Isidor, 't ass wirklech net gudd.

Isidor: an d-d-d-dur fir hun ech mech entsch-sch-sch-schloss mech ze b-b-b-bestueden.

Louise: We' le'f vum erer Seit (verle'ft Blecker) Den Herrgott am Paradeis huet scho gesot datt et net gudd wir fir de Mann eleng ze sin.

Isidor: (wenkt) D-d-d-dat stömmt awer och.

Louise: Ech denken den Herrgott huet démols nömme vum de Männer geschwât well et nach keng Frâ go'f, well eso' vill ech u mir spiren passt dé Satz och fir d' Fraleit.

Isidor: J-j-j-jo, a f-f-fir et kurz ze soen....

Louise: (zum Ugenie) Elo pass op, elo kent et.

Isidor: L-l-l-Louise, du bass et oder s-s-s-soss ként op der Welt.

Louise: Oh du mei Langersehnten, mein Isichen! Mei Schnucki!

Mein Engel! (an eso' virun)

Isidor: (brét d'Aerm aus) L-l-l-Loss dech k-k-k-kössen, mein Engel!

Louise: Vun Herze gär. (wöllt dem Isidor em den Hals fâlen, dé mecht awer de Pardessus op, eso' datt d'Loni erem ganz zum Vorschein kent; d' Louise erkennt d'Loni, dât we' é Spetzbo'f lacht, a rift erschreckt) Jessesmarjujo'sebett. Ewell ass et aus mat dem Bestueden, enégültig aus. Fir mech sin d'Männer Loft.

(D'Loni lacht aus vollem Hals)

Loni: De' ass beke'ert!!!

(Vorhang.)

16.4.52

HR

(3. Oplo.)

ze beze'en durch Th.G. Verlag Esch St. Henri.

1 Roll lo Frang

7 Rollen mat 1 Mol Opfe'erongsrecht 90 Frang.

(ofschreiwén a weiderverle'nen verbueden)